Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

13.03.2020

Léif Cheftainen a Chef,

Dir krut vun eis d'Recommandatioun, wéinst dem Coronavirus all Guiden- a Scoutsaktivitéite fir de Moment ofzesoen. Hei ass awer d'Iddi, wéi mir eis als Guiden a Scouten an dësen Zäiten nëtzlech maache kënnen:

Op där enger Säit ginn et lo vill ufälleg Leit, virun allem am héijen Alter, déi sech net méi virun d'Dier trauen, net mol fir akafen ze goen, an awer keng Famill hu fir ze hëllefen.

Op där anerer Säit hu mir lo honnerte vu Guiden a Scouten déi zwou Woche laang keng Schoul a keng Guiden- a Scoutsaktivitéiten hunn. Dës Jonk sinn awer weder krank nach a Quarantaine, si däerfe virun d'Dier.

Eis Avex, CaraPio a RaRo kënne sech ubidde fir an hierer Ëmgéigend deenen ufällege Leit ze hëllefen a fir si kleng Kommissiounen erleedegen: akafe goen, Medikamenter an der Apdikt besuergen, asw.

Mir sinn an der aussergewéinlecher Situatioun vun enger Pandemie an déi erfuerdert aussergewéinlech Moossnamen an dozou gehéieren d'Solidaritéit an d'Mënschlechkeet. Mir schreiwen eis sou gär op de Fändel dass mir sou vill BAe maachen, lo ass de Moment dat wierklech ëmzesetzen!

Wann dir mat ärer Unitéit wëllt an deem Sënn aktiv ginn, fannt dir bei dësem Bréif en Dokument mat weideren Erklärungen.

A lass !

de Verbandscomité

PS : bei weidere Froe kënnt dir iech gär op david.heck@lgs.lu mellen

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Verbandscomité
5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg
lgs.lu - Email : comite@lgs.lu

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG